N°3394
Entrée le 06.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.01.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Laut rezenten Informatioune benefisséieren zu Lëtzebuerg ongeféier 8.500 Verséchert vun der Iwwerhuele vun engem Rollstull duerch d'Fleegeversécherung oder d'Krankekeess. D'Käschten, déi vun der CNS iwwerholl ginn, variéiere staark, vun 230 Euro bis zu 35.000 Euro, jee no Aart vum Rollstull. Dës grouss Präisspann weist, datt et eng breet Pallette vu Rollstill gëtt, déi ënnerschiddleche Bedierfnesser vun de Betraffenen entspriechen an et stellt sech d'Fro, no wéi enge Krittäre genee d'CNS an d'Fleegeversécherung d'Iwwerhuele vun dëse Käschten decidéieren an ob et Ënnerscheeder an der Versuergung vun de Patiente gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. No wéi enge Krittäre gëtt entscheet, ob e Rollstull vun der Fleegeversécherung oder vun der Krankekeess iwwerholl gëtt?

2. Wéi eng Prozedur muss e Patient duerchlafen, fir d'Finanzéierung vun engem Rollstull ze kréien, a wéi laang dauert dëse Prozess am Duerchschnëtt?

3. Gëtt et Limitatiounen oder Quoten, wat d'Erneierung vun engem Rollstull ubelaangt, a wéi eng Krittäre gëllen, fir en neie Rollstull accordéiert ze kréien?

4. Wéi eng Moossnamen hëlt d'Regierung, fir sécherzestellen, datt all Patient Zougang zu deem Rollstull huet, deen am beschte sengen individuelle Bedierfnesser entsprécht, onofhängeg vu senger finanzieller Situatioun?

5. Gëtt et Statistiken iwwer d'Unzuel vun den Demanden, déi ofgeleent goufen, a wat sinn déi heefegst

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Grënn fir eng Ofleenung?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten